## ZITATE

*L. Mosar: „D'Visite war immens interessant, well ee gesinn huet, wéi ee praktesch e Gesetz ëmsetze kann. Dofir halen ech drop, datt d'Chamber op den Terrain geet. Besonnesch a Krisenzäiten si vill Leit, déi um normalen Aarbechtsmaart keng Plaz fannen. Dofir muss een déi zwee Voleten zesumme kucken: de Volet vun der Economie solidaire, deen ëmmer eng méi grouss Roll spillt, an op där anerer Säit de Volet Beschäftegungsinitiativ net vergiessen. Déi zwee mussen ausgebaut ginn."*

*M. Oberweis: „OPE gëtt de Leit eng Chance, an enger anerer Form an der Gesellschaft mat Deel ze huelen an hinnen ze weisen: och du gëss gebraucht an dat ass e flotte Message."*

*R. Negri: „Beim OPE hëlleft dir net nëmmen, de Leit eng Aarbecht ze fannen, mee virun allem hëlleft dir hinnen, am Liewe virunzekommen duerch eng Formation continue. Dir hutt erkannt, wou d'Besoinen an der Gesellschaft sinn an dir proposéiert deementspriechend Projeten, déi duerchduercht sinn.*

*Wat mech wierklech iwwerrascht huet, ass, datt d'Formation continue hei keen eidelt Wuert ass."*

De Chamberpresident op Besuch an der Bestgens-Millen

# Solidarwirtschaft um Terrain

De Chamberpresident huet sech ee Bild vun der Aarbecht vum Réseau „Objectif plein emploi" gemaach.



Foto: CIGL

De Vëlo-Locatiounssystem Vël'Ok!, deen de CIGL Esch 2004 initiéiert hat, gouf d'lescht Joer komplett erneiert

D'Administrateure vun OPE hunn de Chamberpresident, dee vun den Deputéierte Fernand Etgen, Roger Negri, Marcel Oberweis a Marc Spautz begleet gouf, an der Bestgens-Millen zu Schëffleng begréisst. Den OPE huet 2009 säin 10. Geburtsdag gefeiert a kann haut stolz sinn op dat, wat op nationalem politischen Niveau erreecht gouf: D'Propositioun fir d'„Association d'intérêt collectif" (AIC) als neie Statut fir Entreprisen aus dem Beräich Solidarwirtschaft anzeféieren, gouf der Regierung vum OPE proposéiert. Genee esou huet den OPE och aktiv um Gesetz 5144 fir de Rétablissement vun der Vollbeschäftegung matgeschafft. D'Efforten aus de leschte Jore goufen awer gekréint duerch d'Nominatioun vun engem delegéierte Minister fir d'Solidarwirtschaft an der Persoun vum Romain Schneider. „Mir wäerten de Romain Schneider ënnerstëtzen, fir datt d'Solidarwirtschaft sech an den nächste Joren zum unerkannten drëtte Standbeen vun der Lëtzebuerger Wirtschaft kann entwéckelen", sou de Romain Binsfeld. Och um internationale Plang ass den OPE keen onbeschriwwent Blat: Ee groussen Deel vun der Aarbecht vum „Centre de ressources" besteet, zesumme mat Inees, an der Forschung zum Thema Solidarwirtschaft. An deem Kontext gëtt op Initiativ vun Inees an OPE am Juni 2010 een internationale Colloque zu Lëtzebuerg organiséiert, op deem Chercheuren aus der ganzer Welt zesummen un engem Corpus théorique fir d'Economie solidaire wäerte schaffen. Fir déi zweet Etape stoungen 2 Projete vum Escher CIGL um Programm: Vël'Ok! an d'Multimediastuff. D'Internetstuff gouf virun zéng Joer gegrënnt, fir de Leit den Accès zu den neien Technologien z'erméiglechen. Een neie Projet vun der Multimediastuff ass Freeflex fir d'Promotioun vun de sougenannte „logiciels libres". Dofir gouf eng CD mat all de gängegen a fräi verfügbare Programmer entwéckelt an deemnächst wäerten och verschidde Computeren domat ausgestatt ginn, soudatt een dëse System kann testen. D'Zil ass et, d'Bewosstsäin zu Alternativen ze provozéieren an d'Approche vum Wëssensaustausch ze verbreeden. De Vëlo-Locatiounssystem Vël'Ok!, deen de CIGL Esch 2004 initiéiert hat, gouf d'lescht Joer komplett erneiert: d'Vëloe si méi notzerfrëndlech an d'Gestioun ass informatiséiert, soudatt zu all Moment kloer ass, op wéi enger Statioun nach Vëloen disponibel sinn. Den Nicolas van de Walle, „agent de développement local", huet erkläert, datt mëttelfristeg geplangt ass, de System op d'Nopeschgemengen auszebreeden, zemools well een sech an deem Fall op eng Zesummenaarbecht mat den anere CIGLen aus dem Réseau kéint stäipen.

All eenzelne vun den 30 CIGLen vum OPE entwéckelt individuell seng eege Projeten, well déi sech op d'Besoine vun der lokaler Bevëlkerung baséieren. Drëtt Etape vun der Visite war dofir de naturnoe Schoulhaff zu Éileng. Dëse Projet vum CIGL Suessem gouf mat der Bedeelegung vun de Kanner, Elteren, dem Léierpersonal an der Gemeng realiséiert. „Ofgesi vum Schoulhaff, deen de Besoine vun de Kanner gerecht gëtt, ass dëse Projet e schéint Beispill fir d'Participatioun vu verschiddene lokalen Akteuren, fir zesummen eppes opzebauen.

Dës Approche ass ee wichtegen Aspekt vun der Solidarwirtschaft, wéi se beim OPE gelieft gëtt", huet d'Beate Sander, „agent de développement local" vum CIGL Suessem préziséiert.

Zeréck zu Schëffleng huet de CIGS Archipel, deen déi siwe kulturell a kreativ Projeten aus dem Réseau OPE regroupéiert, sech virgestallt: Go4Lunch fir d'Promotioun vu responsabeler Ernährung, Ile aux Clowns fir de Spidolsmilieu fir Kanner an eeler Leit ze dedramatiséieren, Kalendula, de solidaresche Gaart fir Ëmweltbewosstsäin an -erzéihung ze fërderen, Konschtkëscht fir d'Verbreedung vu Video-Konscht, Les Ateliers fir Kreatioun an Handwierk ze verbannen a Sentiers Rouges fir d'Valorisatioun vu Kultur an Tourismus.

Ofschléissend huet de Laurent Mosar dem President vum OPE John Castegnaro dann och verséchtert, datt d'Chamber och weiderhinn d'Solidarwirtschaft um legislative Plang begleeden an ënnerstëtze géif an gäre bereet wier, am Summer fir eng zweet Visite erëmzekommen.



Foto: Alain Rischard

D'Equipp vun der Multimediastuff

Ecosol FSM 2010

# Le Forum mondial solidaire s'étend




Depuis la ville de Santa Maria au Sud du Brésil, Ecosol FSM 2010, le forum mondial d'économie solidaire, invite les réseaux et les citoyens à se mobiliser, partout dans le monde.

Participez à Ecosol depuis où vous habitez, les 22-24 janvier 2010!

Comment?

– en organisant de manière autonome dans votre ville une „activité" que vous associez avec Ecosol et qui figurera dans le programme officiel et

– en co-organisant un „moment d'intercommunication" avec un groupe présent à Santa Maria, avec l'aide de l'équipe Ecosol étendue.

L'équipe a préparé plusieurs salles de chat vidéo par „Skype":

http://openfsm.net/projects/ecosol-expandida et bien sûr le site général du forum: http://www.fsmecosol.org.br.

Monter une vidéoconférence collective est plus simple que l'on imagine, et l'expérience mérite d'être tentée.

A noter, à l'invitation des Brésiliens, Eric Lavillunière d'INEES témoignera sur le modèle luxembourgeois et les réseaux européens d'économie solidaire.

Encyclopédies en ligne

# L'économie sociale et solidaire a elle aussi son projet

En plagiant le site Wikibéral, le ministre français de l'éducation nationale a révélé à beaucoup de personnes l'existence de ce projet collaboratif. Le ministre a en effet cité mot pour mot cette encyclopédie francophone en ligne en réponse à une question d'un député sur le chèque éducation,

Si la pensée libérale a son encyclopédie en ligne, pourquoi pas le mouvement de l'économie sociale et solidaire? Celui-ci peut faire mieux, s'appuyant sur des pratiques, des coopérations internationales, une histoire et des concepts plus riches et moins alambiqués que la pensée libérale.

Le mouvement est lancé avec Solecopedia (www.solecopedia.org). Ce wiki des réseaux d'économie sociale et solidaire (ESS) est en train de recenser les 10 à 15 notions centrales pour chaque organisation de l'ESS, afin de construire un noyau de savoir qui débouchera sur un dictionnaire multilingue, et plus tard une encyclopédie de cette „ autre économie", plurielle et solidaire, qui pourrait bien être une solution majeure à la crise mondiale actuelle, à la fois économique, écologique, sociale, financière et sociétale. Le site est construit en français, anglais, espagnol, allemand, portugais, japonais et coréen. Toutes les suggestions sont bienvenues avec la possibilité de contribuer dans l'une ou plusieurs de ces langues directement sur le site. Ce site est sous Licence Creative Commons (possibilité de citer en mentionnant la source: Solecopedia, pour une utilisation non commerciale)

Pierre Johnson
Solecopedia

**INFO** www.solecopedia.org